N° 5238
Reçue le 17.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.11.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 16. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weider ze leeden.

D'lescht Woch war an der Presse ze liesen datt en net geimpfte Mataarbechter an enger leedender Positioun bei der Santé en anere Mataarbechter gefrot hätt him e gefälschten negativen PCR-Test ze zertifiéieren. Déi aner Persoun hätt dëst refuséiert an den Direkter vun der Santé heiriwwer informéiert. De Santésdirekter hätt déi concernéiert Persoun suspendéiert an de Parquet ageschalt. Eng Spriecherin vun der Santé hätt des Informatiounen confirméiert ouni awer op déi konkret Reprochen anzegoen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

> Vu que datt laut der Presse dëse Fall just duerch Zoufall opgedeckt gouf, wéi eng Kontrollmechanismen ginn et resp. wéi eng Prozeduren ginn et fir Abusen ze vermeiden?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Jean-Marie Halsdorf
Deputéierten

N° 5238
Reçue le 20.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsminstesch op d'parlamentaresch Fro n° 5238 vum 17. November 2021 vum honorabelen Députéierten Här Jean-Marie Halsdorf an der honorabeler Députéierter Madame Martine Hansen.**

Normalerweis ginn d'Certificats de vaccination vum Impfzenter oder dem Dokter deen impft ausgestallt, an d'Certificats de rétablissement ginn vun de Laboratoires d'analyses médicales ausgestallt wann e positiven PCR-Test virlait. Negativ Testzertifikater bei Antigen Schnelltester kënnen och vu verschiddenen Gesondheetsberuffler ausgestallt ginn. Bei engem positiven Schnelltest ass dat net méiglech, well dat net konform mam Gesetz wär.

Am Contact tracing vun der Inspection sanitaire gëtt et och ee " service d'aide et de vérification (SAV)" deen sech och spezifesch ëm d'Austellen vun verschiddenen Dokumenter, wéi z.B. d'Certificats de vaccination oder d'Certificats de rétablissement këmmert. Dëst ass néideg well verschidde Leit hiren initialen Zertifikat verléieren oder vertesselen an dann eng Kopie froen. Dës Zertifikater sinn zwar och fir all Bierger iwwert myguichet.lu disponibel, mee et gi Leit déi net digitaliséiert sinn, respektiv Problemer mam System hunn. Zousätzlech kënne Lëtzebuerger oder Résident'en déi am Ausland geimpft goufen, ënnert verschiddenen Bedingungen déi am Covid-Gesetz festgehalen sinn, hiren auslänneschen Impfpass an een europäeschen ëmschreiwe loossen. Och dëst gëtt vum SAV gemaach.

Theoretesch ass et méiglech am System e falschen Zertifikat ze produzéieren, dofir huet och nëmmen eng limitéiert Zuel vu Leit Zougrëff op de System. Aktuell, a säit dem Virfall op deen den honorabelen Deputéierten sech referéiert, sinn dat nach ausschliisslech Leit aus dem SAV. Zousätzlech mussen dës Leit sech nominativ an de System aloggen, an all Aktioun déi e Zertifikat generéiert ass domat traçabel a kann engem Mataarbechter zougeuerdnet ginn.

No dem zitéierten Virfall, sinn d' Prozeduren nach emol iwwerpréift a verschäerft ginn, an et ginn elo systematesch stechproufarteg Kontrollen gemaach fir ze kucken op déi ausgestallten Zertifikater justifiéiert sinn.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2021

D' Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert